I - 2003 - O - M - 0134 - 01 (422)

GD DUCHÉ DE LUXEMBOURG
CHAMBRE DES DÉPUTÉS

*Auteur :* *Aly Jaerling*
*Dag :* *16. am Chrëschtmount 2003*
*Ulaass :* *Statsbudget 2004* PL 5200
*Zil:* *Gréisser Transparenz vun den d'Tripartitesdécisiounen*

6

# Motioun

D'Volleksvertriederkummer

- stellt den immensen Afloss vun engem ausserparlamentareschen, net vum Vollek gewielten Organ, der „Tripartite", op politesch Entscheedonge fest ;

- hëllt zur Kenntnis, datt opgrond vun enger Décisioun an der „Tripartite" virgesi ginn ass, Gelder vun de Rentekeesen un d'Krankekeesen ze iwwerweisen an datt et sech dobäi insgesamt ëm eng Zomm vun 130 Milliounen Euro handele soll ;

- condamnéiert, datt d'Volleksvertrieder nëmmen indirekt iwwer d'Entscheedongsofleef an der „Tripartite" an d'Motivatioune vun deenen do getraffenen Décisiounen informéiert goufen a ginn ;

- stellt fest, datt och déi vun de Medie rapportéiert Informatiounen an Aussoen iwwert d'Geschéien, ewéi och d'Begrënnong vun den Décisiounen an der „Tripartite" nëmmen op Héieresoen berouen a soumat allzeoft widdersprëchlech sinn ;

fuerdert d'Regierong op

- **jiddfer Volleksvertrieder de Verbatim vun de jeeweilegen Tripartitesëtzongen zoukommen ze loossen.**

| A. Jaerling | J. Colombera | F. Greisen | J.-Y. Henckes | R. Mehlen |
|---|---|---|---|---|